Bildung =
Wuelbefannen +
Chancëgerechtegkeet
+ Inklusioun

LSAP

# AN DER SCHOUL FILLEN ECH MECH ~~ON~~WUEL!

Et geet anescht.
Et gëtt e bessere Wee: LSAP.

## ~~O~~NGERECHT SCHOUL: E GESAMTKONZEPT FIR EIS BILDUNG

### Eng staark ëffentlech Schoul

- Een eenzegt, iwwergräifend pädagogescht Konzept, vun der Crèche bis zum Ofschlossdiplom.
- Déi ëffentlech Europaschoulen an d'traditionnell Schoulen zesummeleeën – kee gespléckte Schoulsystem!
- Eng méi grouss Offer u conventionnéierte Crèchen.

### Dem Kand seng Interessen a Kompetenzen als Basis fir seng schoulesch Entwécklung

- E konsequenten Ausbau vun Appui an Nohëllef am Fondamental.
- Transparent Promotiounskrittären am Lycée, mat Moduller fir Haapt- an Niewefächer.
- Eng Stäerkung vun der berufflecher Orientéierung duerch obligatoresch Stagen, och am Classique.

### Eng gerecht Opdeelung vum pädagogesch Personal an de Schoulen (Contingent)

- Déi personell Ressourcë vun de Gemenge mat engem héije sozialen Index an d'Luucht setzen, fir esou Bildungsongläichheeten ze reduzéieren.

## ~~O~~NMÉIGLECH: ENG SCHOUL FIR ALL KAND

### Eng Alphabetiséierung am Sënn vum Multilinguismus

- Keng generaliséiert Alphabetiséierung op Franséisch op Käschte vun Differenzéierung, Appui an Inklusioun.
- De Projet „Alpha" an engem iwwerluechten Kader virundreiwen.
- Finanziell Ënnerstëtzung fir d'Gemenge bei der Ëmsetzung vum Projet.

### Geliefte Inklusioun an der Schoul

- Ee verstäerkten Encadrement fir Kanner mat spezifesche Besoinen.
- Eng eenzeg Uspriechspersoun fir d'Elteren.
- Dat spezialiséiert Personal op Basis vun de reelle Besoinen an de Schoule verdeelen.
- Eng séier Hëllef bei Signalementer vun Inklusiounsfäll déi een Unterrecht onméiglech maachen.
- Eng Garantie fir eng Plaz an engem Centre de Compétence.

### Inklusioun iwwer d'Schoul eraus denken

- Eng verbessert Zesummenaarbecht tëscht Maison Relais a Schoul mat méi inklusive Fräizäitofferen.
- Eng kontinuéierlech Ënnerstëtzung vu Mënsche mat spezifesche Besoinen – och nom Iwwergang an d'Erwuesseneliewen.
- Eng besser Kooperatioun tëscht Schoul an Ateliers protégés.

# AN DER SCHOUL FILLEN ECH MECH ~~ON~~WUEL!

## SECH ~~ON~~WUEL AN DER SCHOUL FILLEN: „BIEN-ÊTRE“ ALS VIRAUSSETZUNG FIR D‘LÉIEREN

### Dem kierperlechen, mentalen a soziale Wuelbefannen an der Schoul dee selwechte Stellewäert ginn

- Déi mental Gesondheet am Kader vun der Schoulmedezin traitéieren.
- D'Bedeitung vun der mentaler Gesondheet an d'Grondausbildung vun Enseignanten an Educateuren.ricen integréieren.
- Beweegung/Sport als zentrale Facteur fir d'mental Gesondheet transversal a Schoul a Maison Relais aféieren.

### Eng spezifesch Hëllef fir Kanner ënner Drock

- D‘psychosoziaalt Personal an de Schoulen anescht asetzen, fir en individuelle Suivi vun alle Jonken ze garantéieren.
- De Kampf géint Mobbing a Gewalt – online wéi offline – als Prioritéit deklaréieren.
- Digital Opklärung a Medienerzéiung garantéieren.
- Tutorat ausbauen: Eng fest Uspriechspersoun fir all Kand am Cycle Inférieur fir reegelméisseg iwwer schoulesch – an net reng schoulesch – Themen ze schwätzen.

### E Monitoring vum Bien-être

- D'Wuelbefanne vun de Kanner an dem Personal reegelméisseg moossen ("Barométre du bien-être").

### Partizipativ Schoulgestaltung verflichtend maachen

- E Schoulëmfeld schafen, an deem Kreativitéit, kritescht Denken an Zesummenaarbecht vu kleng u geziilt geférdert ginn.
- Demokratesch Prozesser an de Schoulen erklären a liewen.
- De Schüler, Elteren a Personal gläichermoossen Accès zu der Gestaltung vun hirer Schoul ginn.



**FRANCINE CLOSENER**
LSAP Parteipresidentin an Deputéiert

**BEN POLIDORI**
LSAP Deputéierten a Gemengerot zu Viichten

**SACHA PULLI**
LSAP Generalsekretär a Gemengerot zu Esch/Uelzecht

## UNE ÉCOLE ~~IN~~JUSTE : UN CONCEPT GLOBAL COHÉRENT POUR NOTRE SYSTÈME ÉDUCATIF

### Une école publique forte

- Un concept pédagogique unique et continu, de la crèche au diplôme de fin d'études.
- Fusionner les écoles européennes publiques et les écoles traditionnelles – non à un système scolaire à deux vitesses !
- Accroître l'offre de crèches conventionnées.

### Les domaines d'intérêt et les compétences de l'élève comme base de son développement scolaire

- Pour le cycle fondamental, un renforcement cohérent des cours d'appui et de l'aide aux devoirs.
- Au lycée, des critères de promotion transparents, avec des modules pour les matières principales et secondaires.
- Un renforcement de l'orientation professionnelle grâce à des stages obligatoires, y compris dans l'enseignement classique.

### Une répartition équitable du personnel pédagogique dans les écoles (contingent)

- Augmenter les ressources en personnel dans les communes à fort indice social, afin de réduire les inégalités éducatives.

## ~~IM~~POSSIBLE : UNE ÉCOLE POUR TOUS LES ENFANTS

### Une alphabétisation dans l'esprit du multilinguisme

- Pas d'alphabétisation généralisée en français si cela va au détriment des mesures d'inclusion et de l'appui.
- Faire avancer le projet d'alphabétisation en français dans un cadre réfléchi avec une planification sereine.
- Soutien financier aux communes pour la mise en œuvre du projet Alpha.

### Vivre l'inclusion à l'école

- Un accompagnement plus intensif pour les enfants à besoins spécifiques.
- Un.e interlocuteur.rice unique pour les parents d'enfants à besoins spécifiques.
- Répartir le personnel spécialisé dans les écoles en fonction des besoins réels.
- Une intervention rapide lorsque l'inclusion d'un.e élève empêche le bon déroulement des cours.
- La garantie d'une place dans un centre de compétences si le besoin existe.

### Penser l'inclusion au-delà de l'école

- Améliorer la coopération entre les Maison-Relais et les écoles, avec une offre d'activités de loisirs inclusives renforcée.
- Un soutien continu aux personnes à besoins spécifiques – y compris après la transition vers la vie adulte.
- Une meilleure coopération entre l'école et les ateliers protégés.

# À L'ÉCOLE, JE ME SENS ~~MAL~~ À L'AISE



## ÊTRE ~~IN~~CONFORTABLE À L'ÉCOLE : UN PRÉALABLE INDISPENSABLE À L'ACQUISITION DES SAVOIRS

### Donner la même importance au bien-être physique, mental et social à l'école

- Traiter la santé mentale dans le cadre de la médecine scolaire.
- Intégrer l'importance de la santé mentale dans la formation initiale des enseignant.e.s et éducatrice.eur.s.
- Introduire de manière transversale le mouvement/l'activité sportive comme facteur central de la santé mentale pour toutes les matières et activités à l'école et dans les Maison Relais.

### Une aide spécifique pour les enfants sous pression

- Repenser l'affectation du personnel psychosocial dans les écoles, pour garantir un suivi individuel de chaque élève.
- Faire de la lutte contre le harcèlement et la violence – en ligne comme hors ligne – une priorité.
- Garantir l'éducation numérique et une formation à l'usage des médias.
- Développer le tutorat au lycée : un.e interlocutrice.eur fixe pour chaque enfant du cycle inférieur, pour parler régulièrement de sujets non exclusivement scolaires.

### Un suivi du bien-être

- Mesurer régulièrement le bien-être des enfants, des enseignant.e.s et des éducatrices.eurs (« baromètre du bien-être »).

### Rendre obligatoire la co-construction participative de l'école

- Créer un environnement scolaire où la créativité, la pensée critique et la coopération sont encouragées dès le plus jeune âge.
- Expliquer et vivre les processus démocratiques dans les écoles.
- Donner aux élèves, parents et personnel un accès égal au développement de leur école.

LSAP

# GËFF OCH DU MEMBER!

**Maach mat,an hëllef eis eng gutt Zukunft virzebereeden. Eng Zukunft an där all Kand déi selwecht Chancen an der Schoul huet:** mir wëlle Chancëgerechtegkeet vu kleng un, an enger Gesellschaft, déi zesummenhält. Mir wëllen eng Zukunft, an där eis Kanner weiderhi frou liewe kënnen. **Duerfir brauche mer dech, well #Zesummen si mir méi staark.**

**Rejoins-nous pour un meilleur avenir. Un avenir où chaque enfant a les mêmes chances à l'école :** nous voulons l'égalité des chances dès le plus jeune âge, dans une société solidaire.Nous voulons un avenir dans lequel nos enfants pourront continuer à vivre heureux. **C'est pourquoi nous avons besoin de toi, car #Zesummen, nous sommes plus forts.**



Fotoen: iStock



# WA MIR NACH KANNER* WÄREN, DA ...

## SI NOUS ÉTIONS ENCORE DES ENFANTS ...







**BEN POLIDORI**
**LSAP Deputéierten a Gemengerot zu Viichten**

... wéilt ech, dass meng Kolleegen all déi selwecht Chancë kréien, egal wéi eng Sprooch si schwätzen a wéi eng Hautfaarf si hunn.

... j'aimerais que tous mes camarades aient les mêmes chances, quelle que soit la langue qu'ils parlent et quelle que soit la couleur de leur peau.

**FRANCINE CLOSENER**
**LSAP Parteipresidentin an Deputéiert**

... wéilt ech engagéiert Enseignanten hunn, déi mech mat hirer Begeeschterung matrappen.

... j'aimerais avoir des enseignants engagés, qui m'inspirent par leur enthousiasme.

**SACHA PULLI**
**LSAP Generalsekretär a Gemengerot zu Esch/Uelzecht**

... wéilt ech, dass mir an der Schoul méi zesumme schaffe well mir déi Erausfuerderungen déi virun eis stinn nëmmen zesumme packen.

... j'aimerais avoir plus de collaboration dans nos écoles, car les défis futurs nécessitent une action collective.

* D'Kanner-Fotoe vun de Politiker goufe mat Hëllef vun engem KI-Bildgenerator erstallt. // Les photos des enfants des politiciens ont été créées à l'aide d'un générateur d'images IA.

#ZESUMMEN
#ZESUMMEN
#ZESUMMEN
#ZESUMMEN
#ZESUMMEN
#ZESUMMEN
#ZESUMMEN
#ZESUMMEN
#ZESUMMEN
#ZESUMMEN

LSAP